HELPERKNAPP
Eng Gemeng mat Aussiicht

Kulturkommissioun - Commission de la culture et des loisirs

Gemeng / Commune Helperknapp

Bericht 02 / 21

---

den 28.04.2020 um 19:30 Auer am Veräinsbau Koll zu Brouch

Rapport: Vosman-Kiefer Diane

Présent: Christiane EICHER-KARIER, Yolande GRAFF, Raoul KIEFER (arrivé à 20h30), Laure LESCH, Mariette LUX-PEPIN, Carlos MOREIRA CARDOSO, Henri NOESEN (online), Diane VOSMAN-KIEFER

Excusé : Patrick CINCIS, Natalia SANCHÉZ

Non-excusé : Carlo KOEPP, Claudine MICHELS

Ordre du jour :

1. Begréissung duerch de Präsident
2. Procedure Approbatioun Rapport - Approbatioun Rapport 01/2021_KKH
3. ROI Gemeng Helperknapp – ROI KKH
4. Avis zu der Propositioun vum Minsitère de la Culture fir ee Klassement als Monument National vun engem Gebäi sis 1, rue du Bois zu Téinten
5. Avis zu der Propositioun vum Ministère de la Culture fir ee Klassement als Monument national vun engem Site Archéologique « Roeben/Schwarzhanz »
6. Propose vu engem Stroossenumm fir dat néit Lotissement am Lëtschert zu Béiwen
7. Veräiner an der COVID-Zäit
8. Aktion « Buet »
9. 75 Joer Enn vum 2te Weltkrich?
10. Nationalfeierdag 2021 - bessen aneschters a Corona-Zäiten
11. Divers

1. **Begréissung** vum Präsident

De Raoul ass a Verspéidung, ass nach op der Schaff; Christiane leet Versammlung.

2. Procedure Approbatioun Rapport – Approbatioun Rapport 01/2021_KKH

- Laut ROI gëlt folgend Prozedure:
  - Den Rapport vun der Versammlung gëtt vum Sekretär un d'Memberen, gemailt. All Member huet **14** Deeg Zäit fir seng Bemierkungen/Verbesserungen/Richtegstellungen anzeschécken. Déi sollen dann awer och un all Member vun der Kommissioun gemailt ginn, fir dat jiddereen se ageséit;

  - Duerno gëtt de Bericht un d'Gemeng (Tanja Asselborn & Yves Munch) gemailt, déi en dem Schäffen- & Gemengerot virleeën;

  - No Approbatioun vum Gemengerot, gëtt den Rapport vum Gemengensekretatriat zeréck un Kommissioun gemailt, déi en dann an der nächster Versammlung approuvéieren soll. Dës Approbatioun vun der Kommissioun soll schréftlech festgehaale ginn;

  - No der Approbatioun vum Rapport, gëtt dësen zeréck un Gemengesekretariat geschéckt, déi en duerno op den Site vun der Gemeng veréffentlechen.

- Kulturkommissioun bemierkt dat:
  - nach ni en Rapport fir Approbatioun, vum Gemengensekretariat zeréck un Kommissioun gemailt gouf;
  - Desweideren sinn Rapporten vun den Kommissiounen och net online ze liesen;
  - Mir fannen dës Prozedur schwéierfëlleg a géifen dann folgendes proposéieren:

➔ *Den Bericht vun der Versammlung gëtt als éischt un all Member vun der Kommissioun gemailt. Memberen hunn 7 Deeg Zäit fir dem Sekretär all Bemierkungen/Verbesserungen/Richtegstellungen anzeschécken. Déi sollen dann awer och un all Member vun der Kommissioun gemailt ginn, fir dat jiddereen se ageséit. Duerno mailt den Sekretär vun der Kommissioun den verbesserten Bericht un d'Gemeng.*

➔ *Gemengensekretariat mailt den Bericht mat all sengen Avis'en un den Schäffen- & Gemengerot. Nëmmen wann do iergendwëlleg Froen / Kloerstellungen / Rektifikatiounen sinn, géif den Rapport fir eng 2te Approbatioun un d'Kommissioun zeréckgemailt ginn.*

➔ *Sollt den Rapport awer an der Réi sinn, dann gëtt en direkt op den Site vun der Gemeng offizialiséiert. Domatt wees Kommissioun och dat den Rapport approuvéiert gouf an et sinn keng wieder Demarchen néideg.*

➔ ***Résolution prise à l' unanimité***

- Approbatioun Rapport 01/2021 --> ***unanime***

3. ROI Gemeng Helperknapp – ROI KKH

- C.f. au Règlement interne de la commission de la culture et des loisirs de la commune Helperknapp en annexe

➔ *Les propositions de changement faites ont été **approuvées à l'unanimité***

4. Avis zu der Propositioun vum Minsitère de la Culture fir ee Klassement als Monument National vun engem Gebäi sis 1, rue du Bois zu Téinten

- Cf. à l'avis en annexe

5. Avis zu der Propositioun vum Ministère de la Culture fir ee Klassement als Monument national vun engem Site Archéologique « Roeben/Schwarzhanz »

- Cf. à l'avis en annexe

6. Propose vu engem Stroossenumm fir dat néit Lotissement am Lëtschert zu Béiwen

Mir sinn der Meenung dat et schwéierfälleg ass wann déi ganz Stroossen an der Cité nëmmen een Numm sollen hunn:

- CEGEDIES fënd Häiser schlecht
- Fir Samu/Amublanzen/ Dokteren schwéierfälleg

Mir proposéieren:

- prioritär lëtzebuerger Nimm
- Léit déi eppes mat der Gemeng ze dinn hunn
- Hallef Männer /hallef Fraen
- Kultur / Politik / Wëssenschaft /Fuerschung
- Grofen vun Aansebuerg / Schlassherren vun Huelmes

Jiddereen soll sech fir déi nächst Versammlung Gedanken iwwert Nimm fir Stroossen um Lëtschert maachen. Héi puer Proposen

- Thomas Bidart: Grof vun Aansebuerg
- Sebastien von Tynner: Schlassherr vun Huelmes
- Yolanda vu Veianen: Grënnerin vum Klouschter vum Märjendall
- Anne Beffort: Educatioun / éischt lëtzebuergesch Frau Professer am Franséische /Pionnéieren vum Meedercherlycée an der Stadt
- Aline Mayrisch: huet sech fir Kultur agesaat / zu Nidderkolpësch hiert Elterenhaus ëmgebaut fir Réedukatioun vun den Krichsverwonnten
- Marguerite Thomas-Clément: Politik / éischt Frau-Députéierten am Parlament
- Madeleine Frieden-Kinnen: éischt Lëtzebuergesch Ministerin (Famille, Jugend / sozial Solidaritéit 1969)
- Louise Welter: Medezin / éischt Doktësch zu Lëtzebuerg

➔ *Proposition dat all Strooss an der Cité een eegenen Numm kritt **--> approuvée à l'unanimité***

➔ *Déi Propositioun vu Nimm fir Strossen an der Cité „am Lëtschert" --> **an der nächster Versammlung behandelt***

7. Veräiner an der COVID-Zäit

Kulturkommissioun proposéiert d'Weiderentwéckung vun der Pandemie ofzewaarden an an der nächster Versammlung Thema eventuell nach eemol unzeschwëtzen.

➔ *Propositioun:* ***sech momentan un déi aktuell sanitär Regelen haalen an op een spéideren Datum kucken wéi Situatioun sech entwéckelt.***

---

8. Aktioun Buet

- **"Parole aux commissions"**: all Kommissioun kéint sech jo am Buet virstellen mat dem wat se mecht – an all Buet kéint eng Säit/hallef Säit / Kommissioun fräigehaale ginn
- Mir proposéieren der Gemeng, fir den Léit Kultur an onser Gemeng besse méi no ze bréngen, Artikelen iwwert déi kulturellen Site vun onser Gemeng Helperknapp am Buet ze publizéiert

---

➔ *Propositioun:* ***d'Kommissioun proposéiert Artikelen iwwert kulturell Site/Gebäier vun der Gemeng Helperknapp am Gemengebuet ze publizéieren***

➔ *Propositioun:* ***Parole aux commissions – 1 Säit / Buet***

---

9. Kommemoratioun 75 Joer Enn vum 2te Weltkrich

Fir ***Kommemoratioun vum Enn vum 2te Weltkrich*** - 75-Joer, proposéiert Kulturkommissioun der Gemeng folgend Aktivitéiten:

- Kéint een den Kommémoratiounsdag mat dem Nationalfeierdag verbannen
- Pro Gefaale/pro Duerf eng Blumm beim Monument des Morts ofleen
- Sensibiliséierung an der Schoul/ vun der Populatioun
- Um Dag selwer, Gemengegebäier an engem bestëmmt Liicht erschéngen loossen
- Käerzen an d'Fensteren stellen
- Monument des Morts zu Téinten misst Schrëft ernéiert ginn
- Anner Monuments des Morts aus der Gemeng nokucken op alles gutt ass – botzen fir deen Dag

---

➔ *Propositioun:* ***„Restauratioun" vun de Monument des Morts falls néideg***

➔ *Proposition:* ***Eng Aktivitéit fir dat deen Dag net a Vergiessenheet geréit***

---

10. Nationalféierdag 2021 – bessen aneschters a Corona-Zäiten

- Videomessage vum Buergermeeschter / Gemengerot
- Helperknapper Musëk kéint Nationalhymne ophuelen an iwwert Video streamen
- Männerchouer séngt Nationalhymne – op Video ophuelen – um Site vun der Gemeng streamen
- Helperknapper Musëk, begleed vun Sänger, spillt a séngt Nationalhymne – gëtt op Video opgeholl an um Site vun der Gemeng / vun der Musëk / vun de Veräiner gestreamt

11. Divers

- Et wier flott wann Gemeng den WIFI-Code vun deenen Säll wou Veräiner/Kommissiounen sech treffen sichtbar ophänken. Et ass nämlech net méiglech een Member online mat bäi ze schalten, wann een keen WIFI huet
  Den Code kéint och einfach dem Präsident oder Sekretär (deem deen de Sall ufreet) bei der Bestätegung vun der Reservatioun vum Sall matgedeelt ginn
- An der Koll misst een och beschréften wou déi Haptschalteren fir Luuchte sinn

---

➔ *Propositioun:* ***WIFI-Code dem Präsident vun de Veräiner/Kommissiounen matdeelen***

➔ *Propositioun:* ***Beschréftung vun de Luuchtschalteren an der Koll***

Nächst Réunioun ass: *Dënsden, den 08. Juni 2021 um 19:00 Auer* am Veräinsbau Koll zu Brouch